


Ce calendrier, agrémenté d'humour et riche de sagesse populaire, relate les principaux dictons météorologiques de la région arlonaise.
Aux proverbes décrivant les divers aspects des activités humaines sont jointes les fêtes patronales, religieuses et civiles.
Composé pour l'an 2002 par Simone Clesse,
ce document est illustré par des reproductions de cartes anciennes ayant trait aux travaux et loisirs anciens de l'Arelerland.
(Cartes anciennes: collection Gaby Thommes)

# Volleks Kalenner fir d'Jor 2002




Ce calendrier a été réalisé et édité par

***ARELERLAND A SPROOCH***

association culturelle pour la défense de la langue
et de la culture luxembourgeoise.

Photo de couverture : ARLON-AREL :
De neie Square Astrid am Faubourg - Vue générale du Square Astrid.

Ci-contre : Ee Fändel fir d'Arelerland – Un drapeau pour l'Arelerland




ATTEM - zur Kiirch gesinn (gestempelt an 1903)
ATHUS - vue vers l'église (oblitéré en 1903)

AREler LAND A SPROOCH
2002

**WIEDERREGELEN:**
- Wéi d'Wieder déi 12 Deeg no Krëschtdag ass, esou gëtt et déi zwiélef Méint vum néie Jor.
- Kraacht am Januar Äis a Schnéi, gëtt am Summer vill Kar a Kléi!
- Am Haartmount kann d'Kallef erfréieren an der Kou

**EPHEMERIDEN:**
Moundphasen - phases de la lune
- de Neimound - d'Neiliicht
- den éischte Véierel
- de Vollmound - d'Vollliicht
- de leschte Véierel
- d'Moundséchel - d'Liichtséchel
D'Jor 2000 war mat 13 Liichter
L'an 2000 avait 13 lunes

# JANUAR - HAARTMOUNT - JANVIER

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | NEIJOOSCHDAG - Gléck, Freed a Fridden fir all , an eng gutt Gesondheet! | NOUVEL AN |
| Mëttwoch | 2 | Déi fett Jore mussen déi moër mat duerchuelen | Basile |
| Donneschteg | 3 | Ech hunn him d'Mënz vu séngem Stéck ginn | Angéla |
| Freideg | 4 | Hei kommen dräi Kinneken aus Muergeland, mat engem Stär aus Gotteshand | Edward |
| Samschdeg | 5 | DRÄIKINNEKSDAG ... deen Hënneschten huet de Läpp verbrannt! | JOUR DES ROIS |
| **SONNDEG** | **6** | DRÄIKINNEKSONNDEG 't ass nët alles Gold wat blénkt | EPIPHANIE (03H56) |
| Méindeg | 7 | Dräikinneksdag gëtt den Haffmeeschter Schwéngsbrot | Raymond |
| Daaschteg | 8 | Hie géif mat kengem Kinnek tauschen | Lucien |
| Mëttwoch | 9 | Et ass Maria-Hilf bäi eis (=kee Geld do) | Adrien |
| Donneschteg | 10 | En huet Lëpsen, 't kënnt ee fir honnert Frang drop zielen | Guillaume |
| Freideg | 11 | Batter gewonn a séiss verziert! | Hygin |
| Samschdeg | 12 | Batter fir de Mond ass dem Mond gesond | Tatiana |
| **SONNDEG** | **13** | JESUSDÄFONG Keng Mënz, keng Freed! | Baptême de Jésus (13H30) |
| Méindeg | 14 | Dëse Wäin ass chrëschtlech, en ass gedääft. | Séraphin |
| Daaschteg | 15 | Bestueden an däfen zugläich, dat nennt een sech dommelen | Rémi |
| Mëttwoch | 16 | En hält sech drun wéi de Geck un de Bengel | Marcel |
| Donneschteg | 17 | Déi räich Leit kloen am meeschten | Roseline |
| Freideg | 18 | Wann et keen Äis gëtt, gëtt et och kee Fësch | Priscille |
| Samschdeg | 19 | Fësch muss dräimol schwammen: am Waasser, am Fett, am Wäin | Marius |
| **SONNDEG** | **20** | BASCHTIANISDAG E mécht sech duurch d'Bascht | Fabian a Sebastian |
| Méindeg | 21 | Loosse mir dat Bescht virkéieren, an dat Schlemmst erwaarden | Agnès (17H48) |
| Daaschteg | 22 | Déi Lescht sinn déi Bescht | Vincent |
| Mëttwoch | 23 | Aarmutt ass keng Schan awer en décke Stän am Wee | Henri |
| Donneschteg | 24 | En eggele Sak (Aarmutt) ass e Streitmécher | François de Sales |
| Freideg | 25 | PAULUSBEKEIERONG En ass nët ze bekéieren! | Conversion de S.Paul |
| Samschdeg | 26 | Déi räich Leit haten zujoër scho genug | Timothée |
| **SONNDEG** | **27** | Liicht gewonn, liicht verziert! | Angèle |
| Méindeg | 28 | Elo gëtt et awer anert Mënz, mäi léiwe Männchen! | Thomas d'Aquin (22H52) |
| Daaschteg | 29 | Soss war eng Mark 25 Su an dräi Mark en Daler wäert | Julien l'Hospitalier |
| Mëttwoch | 30 | Déi kléng Suë maachen déi déck. Aus Suë gëtt Frangen. | Mutien-Marie |
| Donneschteg | 31 | Et milliount sech nët esou liicht! Den Euro ass do, ma wat kënnt no? | Jean-Bosco |




STACKEM - Ëmzuch vum Halleffaaschtesonndeg (1948)
STOCKEM - Cortège de Mi-Carême (en 1948)

AREL LER 2002 LAND A SPROOCH

**WIEDERREGELEN:**

- Wéi d'Spiirkelin d'Grief fënnt, esou léisst de Mäerz se leien.
- D'Spiirkelin (Februar) huet siwe Mäntel, esou dacks ewéi et schneit deet s'een aus.
- Op Liichtmes, wann den Dacks säi Schiet gesäit, da krécht en erëm fir sechs Wochen a seng Hiel.
- Wou de Wand op Buurgsonndeg hierkënnt, vun do kënnt en d'ganzt Jor.
- Dréche Faaschten, e gutt Jor!

**EPHEMERIDEN:**

3 Zorten Moundfinsternissen:
- 3 sortes d'éclipses de lune.
Total Moundfinsternis (totale)
Deelweis Moundfinsternis (partielle)
Hallefdäischter Moundfinsternis (pénombrale)

# FEBRUAR - SPIIRKEL - KAZEMOUNT SCHNÉIMOUNT - FÉVRIER

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | Vu Liichtmesdag un kréien d'Stämezer gepufft | Brigitta |
| Samschdeg | 2 | LIICHTEMESDAG - FUESENT - début du Carnaval | CHANDELEUR |
| **SONNDEG** | **3** | BLASIUSDAG Wat een d'Fuesent spënnt, dat friessen d'Mais | Blaise |
| Méindeg | 4 | En ass geplot wéi d'Pan an der Fuesent | Véronika (13H34) |
| Daaschteg | 5 | Wie vill Boune wëllt gewannen, muss sech am Spiirkel begannen | Agatha |
| Mëttwoch | 6 | Hei kommen d'Fuesentmedercher, se heeschen Fuesentsbredercher | Dora |
| Donneschteg | 7 | FETTENDONNESCHTEG Gléck an d'Haus! D'Äer eraus (Clerf) | Richard |
| Freideg | 8 | Eng fett Käche mécht e moërt Teschtement | Jacqueline |
| Samschdeg | 9 | Deen d'Fuesent nët geckeg ass, ass et d'ganzt Jor | Appoline |
| **SONNDEG** | **10** | FUESSONNDEG D'Fuesentsgecken!. Du Geck emol! (Arel) | Dimanche-Gras |
| Méindeg | 11 | FUESMEINDEG Dat do ass wéi Faaschten a Fuesent | N.D. de Lourdes |
| Daaschteg | 12 | FUESDAASCHTEG Géi Fuesentsbroden heeschen | Mardi-Gras (07H42) |
| Mëttwoch | 13 | ÄSCHEMËTTWOCH Du hues en Äschekräiz op der Stir | Mercredi des Cendres |
| Donneschteg | 14 | VALENTINSDAG Gefaascht ass nët gespuert! | Valentin |
| Freideg | 15 | Wéi den Damp op Buurgsonndeg geet, | Claude |
| Samschdeg | 16 | ... sou geet en de ganze Virsummer | Julienne |
| **SONNDEG** | **17** | OUNESONNDEG Eischt Gewënner, lescht Verspiller ...... 1er dimanche de Carême | Sylvain |
| Méindeg | 18 | En ass ëmmer den éischten um Dill (Aarbecht) | Bernadette |
| Daaschteg | 19 | Deen d'éischt op d'Mille kënnt, krëtt fir d'éischt gemuel | Gabin |
| Mëttwoch | 20 | Den éischten ass dee wéischten, dee leschten ass dee beschten | Aimé (12H03) |
| Donneschteg | 21 | D'éischt beim Wäiwaasser, d'éischt geseent | Pierre Damien |
| Freideg | 22 | Zënt Matteis bëtschelen all Geiss | Isabelle |
| Samschdeg | 23 | Zënt Matteis mécht Äis oder brécht Äis. | Lazare |
| **SONNDEG** | **24** | BOUNESONNDEG -MATTAISDAG Hëllefer géint Halswéi, Houscht, Berufswahl | Mathias |
| Méindeg | 25 | KANNERREIM: Gäs de mat op de Knapp Holz haen | Roméo |
| Daaschteg | 26 | ... Bire knaen, Dëppe géissen, Huese schéissen? | Nestor |
| Mëttwoch | 27 | Wann et dem Iesel ze wuel ass, da geet en op d'Äis danzen | Honorine (09H18) |
| Donneschteg | 28 | Elo kënnt d'Spiirkelin mat hire siwe Wënn. | Romain |



32. Teil der Spalthütte der Schiefergruben, L. DONNER in Martelingen (Belgien)

MAARTEL: D'Spalthütt vun der Leekaul
MARTELANGE: Atelier de taille des Ardoisières L. Donner

**WIEDERREGELEN:**


- Am Mäerz komme Schaueren déi Deeg laang daueren.
- Wéi de Mäerz d'Gruewe fënnt, esou léisst e se.
- De Mäerz soll néng Deeg Summer bréngen.
- Mäerzstëbs a Märeenche brénge Segen.
- Fréi Ouschteren, e fréit Jor!

**EPHEMERIDEN:**

3 Zorten Sonnfinsternissen
3 sortes d'éclipses de soleil
- Totalsonnfinsternis (éclipse totale)
- Deelweis Sonnfinsternis (éclipse partielle)
- Ranksonnfinsternis (éclipse annulaire)

# MÄERZ - LENZMOUNT - MARS

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | Mäerzgeck streck déng Nues an de Päerdsdreck! | Aubin |
| Samschdeg | 2 | De Mäerz hëlt déi Al mam Häerz - Am Mäerz Schnéi deet dem Bauer wéi | Scharëll |
| **SONNDEG** | **3** | KROUNESONNDEG D'Mäerzloft mécht d'Wäsch ganz wäiss | 3ème dim. de Carême |
| Méindeg | 4 | Ech hunn en a siwe Mäerzliichter nët méi gesinn. | Kasimir |
| Daaschteg | 5 | Mat Speck fänkt ee Mäis | Théophile |
| Mëttwoch | 6 | Eng schlecht Maus déi nëmmen ee Lach huet | Colette (01H26) |
| Donneschteg | 7 | Gudde Kascht a kuurze Weedgang, dat mäscht | Félicité |
| Freideg | 8 | Un de gudde Mäfelcher kann ee sech erhalen | Jean de Dieu |
| Samschdeg | 9 | De Jong gëtt dem Meedchen eng Fuesentsbretzel (Réimech) | Franziska |
| **SONNDEG** | **10** | HALLEFFAASCHTESONNDEG - HIERKESONNDEG - BRETZELSONNDEG | Mi-Carême |
| Méindeg | 11 | Gutt Gléck an ärem Haus, werft eis Faaschtebounen eraus (Arel) | Rosine |
| Daaschteg | 12 | Schéi Fiedere maache schéi Vullen | Maximilian |
| Mëttwoch | 13 | Wann all Vulle päiffen, dann hal du stëll | Euphrasie |
| Donneschteg | 14 | Wann een Muurten ësst, léiert een gutt päiffen | Mathilde (02H04) |
| Freideg | 15 | Ech loosse méng Hinnercher lafen, haalt ier Pëllercher an | Louise |
| Samschdeg | 16 | Dat kanns de päiffen awer nët soen | Bénédicte |
| **SONNDEG** | **17** | ELLESONNDEG 'tass däin Dag haut | 5ème dimanche de Carême - Patrice |
| Méindeg | 18 | D'Vulle päiffen et vun den Deech | Alexandre |
| Daaschteg | 19 | JOUSEFSDAG D'Vulle bestuede séch - les oiseaux se marient | Joseph |
| Mëttwoch | 20 | FREIJOR Wou d'Schmuelewe bauen zitt d'Gléck an! ...... (PRINTEMPS - 20 Auer 16) | Wulfran |
| Donneschteg | 21 | Ee Schmuelvull mécht kee Summer! | Clémence |
| Freideg | 22 | SCHMUELWEGEZWITSCHER: - Wéi ech fort si gaangen, | Léa (02H29) |
| Samschdeg | 23 | ... do waren all Scheieren a Späichere voll | Victorien |
| **SONNDEG** | **24** | PÄLLEMSONNDEG ...wéi ech erëm si komm war alles verdi, verdo, verdoen | RAMEAUX |
| Méindeg | 25 | ... an alles vertuddelt a verhuddelt! | Dismas |
| Daaschteg | 26 | Du muss waarden bis Ouschteren a Päischten openeen falen | Larissa |
| Mëttwoch | 27 | Eent Ä, keent Ä, zwee Äer, Spottär, dräi Äer, Ouschterär | Habib |
| Donneschteg | 28 | GRENGEN DONNESCHTEG Gréng Äer (Haart Äer mat Spinat) | Jeudi-Saint (18H26) |
| Freideg | 29 | KUERFREIDEG D'Hor stinn wéi den aarme Leit hiirt Kuer (Kar) | Vendredi-Saint |
| Samschdeg | 30 | KUERSAMSCHTEG Deem war beim Defen d'Ouschterkäerz op de Kapp gefall | Sam.-St |
| **SONNDEG** | **31** | OUSCHTERDAG Den Ouschterhues bréngt d'Äer! | PÂQUES |




TONTEL: de Wäschbur an d'Strooss vun de Walouner
TONTELANGE: La fontaine et la rue des Wallons

**WIEDERREGELEN:**


- Den Abréil ass e Geck, bal schéngt d'Sonn, bal gëtt ët Dreck!
- Abréil kal a naass fëlt dem Bauer scheier a Faass.
- Et ass keen Abrëll esou gutt, e schneit dem Schéiffer op den Hutt.
- de Wand kënnt nach aus dem kale Lach.

**EPHEMERIDEN:**

12 Zodiakzeechen
12 signes du zodiaque
Widder (Bélier) - Stéier (Taureau) Zwillingen (Gémeaux) - Kriibs (Cancer) Léiw (Lion) - Jungfrau (Vierge) Wo (Balance) - Skorpion ( Scorpion) Schütz (Sagittaire) - Steebock (Capricorne) - Waassermann (Verseau) - Fësch (Poisson)

# ABRËLL - GECKSMOUNT - AVRIL

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Abréilsgeck, streck den Nues an de Kéidreck | Hugues |
| Daaschteg | 2 | Géi Méckefett a Spéngelssom kafen. Owwidomm! | Théodora |
| Mëttwoch | 3 | Déi haart rieden, trieden lues an déi lues rieden, trieden haart: | Richard |
| Donneschteg | 4 | D'Wantergezei nët ausdinn bis datt d'Kiichte fierwen | Isi (15H30) |
| Freideg | 5 | Deen do huet de Gickel (Stolz) an der Kopp! | Irène |
| Samschdeg | 6 | Deen huet eng Jhandaremkuck! Hatt ass e Mond an elauter | Marselin |
| **SONNDEG** | **7** | Wien et laang huet, léisst et laang hänken! | J.B de la Salle |
| Méindeg | 8 | En ass nët méi vun haut a gëschter soss kréig e muer eréischt dräi Deeg! | Gauthier |
| Daaschteg | 9 | Dommheet a Stolz si vum selwechten Holtz! | Marcel |
| Mëttwoch | 10 | En ass nët esou domm wéi schlecht gekleet | Mechtilde |
| Donneschteg | 11 | Aus Kannereien gëtt Reie Kanner | Stanislas |
| Freideg | 12 | Eppes Neies ass gewéinlech näischt Gutts | Jhull (19H22) |
| Samschdeg | 13 | Wat gëtt da Neies? - Mer flécken alt um Alen! | Ida |
| **SONNDEG** | **14** | Wat gëtt da Neies? - Eis Kaz huet Lais! | Lidwine |
| Méindeg | 15 | En ass esou gouereg de Wand bléist en ëm! | Anastasia |
| Daaschteg | 16 | Kannerwëll ass Kalwerdreck, deen en deet ass e Geck | Benoît-Joseph Labre |
| Mëttwoch | 17 | Engem schéinen Af geet alles gutt. | Patrice |
| Donneschteg | 18 | Déng Saach ass Kabes! - An Déng ass Brach! | Parfait |
| Freideg | 19 | Du kanns alles maachen ma wett nët, sot d'Fra | Emma |
| Samschdeg | 20 | Gleefs du wat an deem Witzeblat steet? | Agnès (12H49) |
| **SONNDEG** | **21** | Deen huet eng Nues gutt fir Telleren ze lécken! | Anselme |
| Méindeg | 22 | A mir näischt, dir näischt, gouf en eraus gehäit! | Léonide |
| Daaschteg | 23 | ZWOU KANNEREIEN: - Maach deem eng laang Nues | Georges |
| Mëttwoch | 24 | Ech hunn déng Nues geholl. Kuck do ass se. | Fidèle |
| Donneschteg | 25 | D'Grompere ginn 8 Deeg virun oder 8 Deeg no MAARKSDAG gesat | Marc |
| Freideg | 26 | Namensdag: Héi brénge mer dir eng Strauss | Alida |
| Samschdeg | 27 | ... si ass nët vun Dëschtelen an Där, mir hoffen du hues se gär! | Zita (03H01) |
| **SONNDEG** | **28** | ... si ass nët vu Rousemaräin, se kënnt wuel schéiner säin | Valérie |
| Méindeg | 29 | ... si ass nët vu Schwiewel a Pech ! Wa se nët gefällt, werf s'ewech | Katherina |
| Daaschteg | 30 | Wann ee Geck laacht da laachen der honnert | Pulchrône |




AREL: D'Schluechthaus an eng Häerd Schof (gest. an 1946)
ARLON: Abattoir et troupeau de moutons (oblitération 1946)

**WIEDERREGELEN:**

- Reent et am Mä dann ass den Abréil verbäi.
- Mee kill a naass, fëllt dem Bauer Scheier a Faass.
- Owes Da a kill am Mä, bréngt vill Wäin an Hä.
- Den Hunn kuckt an d'Reenlach (SO)
- Den Hunn kréicht no véier Auer, d'Wieder ännert.

**EPHEMERIDEN:**

4 Joreszäiten - 4 saisons:
Se falen den 20ten, den 21ten, den 22ten oder den 23ten:
Am Mäerz = d'Fréijor (Printemps)
Am Juni = de Summer (Eté)
Am September = den Hierscht (Automne)
Am Dézember = de Wanter (Hiver)
- Den 26ten Mee : hallefdäischter Moundfinsternis (12Auer03 - 05 Sagittaire 04)

# MEE - OKTAVSMOUNT - MAI

| | | |
|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | AARBECHTFEST - HL JOUSEF: Patr. vun den Aarbechter ............ Fête du travail - Joseph |
| Donneschteg | 2 | All Dag gebroden Hinnerchen, dat géing dir goen ..................... Boris |
| Freideg | 3 | Märeenche fal op mech, da wuessen ech ..................... Jacques et Philippe |
| Samschdeg | 4 | Märéisercher schenken gëtt Sträit ..................... Sylvain (07H17) |
| **SONNDEG** | **5** | De Mäkranz gëtt opgehaang a gefeiert ..................... Judith |
| Méindeg | 6 | 't soll ee sech nët am Mee bestueden ..................... Prudence |
| Daaschteg | 7 | 't ass e Meedchen wéi eng hëlze Madonna ..................... Flavie |
| Mëttwoch | 8 | MARIAHELLFERIN - V.DAG 1945 ..................... Marie Médiatrice |
| Donneschteg | 9 | CHRISTIHIMMELFAART ..................... ASCENSION |
| Freideg | 10 | 't ass kee Meeschter vum Himmelgefall ..................... Solange |
| Samschdeg | 11 | 't fréiert owes. déi dräi Äismänner kommen elo ..................... An der Rei: - Mamert |
| **SONNDEG** | **12** | MAMMENDAG (B) - Fête des Mères (B) D'Mamm ass d'Häerz vum Haus ... Pancrace (10H46) |
| Méindeg | 13 | D'Kanner vergiessen hir Mamm, eng Mamm hir Kanner nët ..................... Servais |
| Daaschteg | 14 | Et ass der Mamm aus dem Gesiicht geschnidden ..................... Boniface |
| Mëttwoch | 15 | D'Kanner sprangen den Elteren iwer de Kapp ..................... Denise |
| Donneschteg | 16 | Geschenkt ass geschenkt, erëmgeholl ass gestuel ..................... Honoré |
| Freideg | 17 | Keng Freed ouni Leed ..................... Pascal |
| Samschdeg | 18 | En huet der Kaz seng Deel ni geschenkt ..................... Eric |
| **SONNDEG** | **19** | PÄISCHDAG O Helleger Geescht, stéi mer bäi! ............... PENTECÔTE (19H43) |
| Méindeg | 20 | PÄISCHMEINDEG: Prëssioun vum Hl. Willibrord zu Giisch (Guirsch) ..................... Bernardin |
| Daaschteg | 21 | PÄISCHDAASCHTEG: Sprangprëssioun zu Iechternach (Echternach) ..................... Gisèle |
| Mëttwoch | 22 | Wa se dréchen zu Prüm sprangen, da sprangen ze dréchen zu Iechternach ..................... Rita |
| Donneschteg | 23 | Dee gär danzt, deem ass gutt geien ..................... Didier |
| Freideg | 24 | 't muss een mat de Meedercher danzen déi een huet ..................... Donatien |
| Samschdeg | 25 | Mir mussen all no senger Päif danzen. MAITRANKSFEST (Arel)..................... Madeleine |
| **SONNDEG** | **26** | DRÄIFALTEGKEETSFEST Aller gudder Déng sinn dräi .............. Fête de la Trinité (11H52) |
| Méindeg | 27 | .... Bei zwéin sinn der dräi zevill ..................... Augustin |
| Daaschteg | 28 | - Wéi spéit ass et? - Halwer dräi verbäi! ..................... Germain |
| Mëttwoch | 29 | Dat dauert eng Eiwegkeet a nach dräi Deeg ..................... Maximin |
| Donneschteg | 30 | OFZIELREIM: Himmel, Häll, Feegfeier, Kapell ..................... Jeanne d'Arc |
| Freideg | 31 | MARIAHEIMSUCHUNG (fréier den 2. Juli) ..................... Visitation de la Vierge Marie |




HÄERZEG: Cours vu Beienzuucht am Pensionnat (gestempelt an 1911)
HACHY: Cours d'apiculture au Pensionnat des Frères (oblitéré en 1911)

ARELER 2002 LAND A SPROOCH

**WIEDERREGELEN :**


- Juni fiicht a warem, mécht de Bauer arem.
- Juni naas, vollkommene Lenz, schlecht Gras.
- Juni dréchen, gudde Wäin am volle Faass.

**EPHEMERIDEN:**

- Den 10. Juni: Rankfinsternis vun der Sonn (23 Auer 44 - 19 Gémeaux 54)
- de 24. Juni: hallefdäischter Moundfinsternis (ze gesinn) (21 Auer 27 - 03 Capricorne 11)
- 4 Himmelsrichtungen (Wandrous)
  4 Points cardinaux (Rose des Vents):
  Norden (Nord) - Nordost (Nord-Est)
  Nordwest (Nord-Ouest)
  Süden (Sud) - Südost (Sud-Est)
  Südwest (Sud-Ouest)
  Osten (Est) - Westen (Ouest)

# JUNI - BROOCHMOUNT
# JUIN

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | ONBEFLECKT HÄERZMARIA En Häerz wéi Botter ............... | Cœur Immaculé de Marie |
| **SONNDEG** | **2** | FRONLÄICHNAAMSDAG - D'Prozessioun geet eraus ...... | Fête du Corps et du Sang du Christ |
| Méindeg | 3 | Mäin Häerzgezockerten! Mäint Zockerhäerzchen! .......... | Kévin (00H06) |
| Daaschteg | 4 | Si géif d'Häerz aus dem Leif ginn .......... | Clothilde |
| Mëttwoch | 5 | E fäert sech d'Häerz aus dem Leif .......... | Boniface |
| Donneschteg | 6 | 't ass em näischt un d'Häerz gewuess .......... | Norbert |
| Freideg | 7 | 't ass gutt dass de däi Papp richteg gewielt has .......... | Gilbert |
| Samschdeg | 8 | 't muss een de Kanner en ale Papp versuergen .......... | Médard |
| **SONNDEG** | **9** | PAPPENDAG (B) - fête des Pères (B) .......... | Félicien |
| Méindeg | 10 | 't ass de Papp ewéi duergespaut .......... | Landry (23H48) |
| Daaschteg | 11 | Reent et op Barnabas, schwëmmen d'Drauwe bis an d'Faass .......... | Barnabé |
| Mëttwoch | 12 | Et ass keng Konscht fir Papp ze ginn .......... | Guy |
| Donneschteg | 13 | ANTOUNI Patr. vun den Aarbéchter vum Parzelläin ............... | Antoine patr.fabr. porcelaine |
| Freideg | 14 | Gëf Antounisbrout (=Geldstéck), da fënns de et erëm .......... | Valère |
| Samschdeg | 15 | En trëppelt wéi en Elëfant mat de Féiss an de Parzelläin .......... | Germaine |
| **SONNDEG** | **16** | Deem enge säin Dout, deem anere säi Brout .......... | Lutgarde |
| Méindeg | 17 | Dat ass de gréisste Ligener deen ënner der Sonn ass .......... | Hervé |
| Daaschteg | 18 | Deen ass nët wäert dass d'Sonn op e schéngt .......... | Amand (00H30) |
| Mëttwoch | 19 | Schneid d'Brout gläich da gëss de räich .......... | Romuald |
| Donneschteg | 20 | E gesäit aus wéi eng Sonn! .......... | Silvère |
| Freideg | 21 | SUMMER Géi mer aus der Sonn! .......... (ETE - 15 Auer 24) | Rodolphe |
| Samschdeg | 22 | Anerleits Brout schmaacht ëmmer besser .......... | Paulin |
| **SONNDEG** | **23** | LETZEBUERGER NATIONALFEST- Fête Nationale Luxembourgeoise .......... | Alice |
| Méindeg | 24 | Gebuurt vum HL JOHANNES .......... | Nativité de St Jean-Baptiste (21H43) |
| Daaschteg | 25 | D'Nationalkränkt fir e Lëtzebuerger ass: .......... | Eléonore |
| Mëttwoch | 26 | ... de Mond ënner Friemen nët op ze kréien, an doheem nët zouzekréien .......... | David |
| Donneschteg | 27 | Hiirt Nationallidd ass "De Feierwon", hire Nationalmenu: Judd mat Gaardebounen ...... | Cyrille |
| Freideg | 28 | HÄERZJESUFEST - D'Häerz op der Hand hunn .......... | Sacré-Cœur de Jésus |
| Samschdeg | 29 | PEITERS A PAULUS Sportfëscherdag (fête des Pêcheurs) .......... | Pierre et Paul |
| **SONNDEG** | **30** | Péitersdag hëlt een déi éischt déck Bounen .......... | Martial |




AREL: D'Lëtzebuerger Douanieren an der Gäichel (gest. 1912)
ARLON: Douaniers luxembourgeois à la Gaichel (oblitéré en 1912)

AREL LER 2002 LAND A SPROOCH

**WIEDERREGELEN:**

- D'Biirkebliéder sangen an danzen, et gëtt Reen an dräi Deeg (och fir d'Pëppelen)
- Geet d'Dännenzap op da gëtt gutt Wieder.
- Den 2. Juli geet d'Muttergottes mam Sonneschiirm fort, da gëtt et 6 Woche laang gutt Wieder. Geet se mam Prabbeli fort, da kéint se och dermat erëm (de 15. August)

**EPHEMERIDEN:**

Wandrichtungen - Directions du vent:

- Nordwand mat Keelt a Schnéi,
- Südwand mat Hëtzt a Wiederen,
- Westwand mat Reen a Stuurm,
- Ostwand mat Dréicht.
- De Friswand ass äiskal.
- Mam Metzerwand reent et mat Onverstand.
- Wand vum Reenlach bréngt es nach.

# JULI - HEEMOUNT - JUILLET

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Mar ass Maria-Hilf (= Paidag) | Thierry |
| Daaschteg | 2 | MARIA-HEIMSUCHUNG Geet haut d'Muttergottes | Visitation (17H20) |
| Mëttwoch | 3 | … mat enger Kléck iwwer de Bierg , da kënnt se och mat enger erëm (de 15. August) … | Thomas |
| Donneschteg | 4 | Eng Visit mécht ëmmer Pleséier, | Berthe |
| Freideg | 5 | … wann et nët ass wa se kéint, danns ass et wa se geet | Touni |
| Samschdeg | 6 | Wann d'Meedercher päiffen, kräischt d'Muttergottes (gët Reen) | Maria Goretti |
| **SONNDEG** | **7** | D'Pëppelchesbliéder sangen da gët Reen an 3 Deeg | Raoul |
| Méindeg | 8 | Wann d'Mécken danzen gët gutt Wieder | Virginie |
| Daaschteg | 9 | Wann d'Mécke bäisse kéint en Donnerwieder | Amandine |
| Mëttwoch | 10 | Wann eng Méck doutgeschloe gëtt, kommen hirer 20 op d'Begriefnës | Ulrich (10H27) |
| Donneschteg | 11 | BENOIT Patréiner vun Europa | Benoît, patron de l'Europe |
| Freideg | 12 | Eng éierlech Hand geet duurch d'Land | Olivier |
| Samschdeg | 13 | D'Biirkebliéder sangen an danzen, et gët Reen an 3 Deeg | Henri |
| **SONNDEG** | **14** | FRANSEISCHT NATIONALFEST - FÊTE NATIONALE FRANCAISE | Camille |
| Méindeg | 15 | Hiirt Nationallidd heescht "La Marseillaise" | Anne-Marie |
| Daaschteg | 16 | Hire Nationaldronk ass de Wäin | N.D. du Mont-Carmel |
| Mëttwoch | 17 | Nationalmenuën sinn: Sauermouss, Bouillabaise | Lex (04H48) |
| Donneschteg | 18 | Margréit, wuer gees de? Blumme plëcken, da wees d'et | Frédéric |
| Freideg | 19 | Wann et op Maargrittendag reent, ginn d'Nëss falsch | Arsène |
| Samschdeg | 20 | MAARGRITTENDAG Reent et da ginn d'Nëss falsch | Marguerite |
| **SONNDEG** | **21** | BELSCH NATIONALFEST - FÊTE NATIONALE BELGE | Vitt |
| Méindeg | 22 | De Nationalmenu ass Mullen mat Fritten | Marie- Madeleine |
| Daaschteg | 23 | D'Nationallidd ass d'Brabançonne | Brigitte |
| Mëttwoch | 24 | De Nationaldronk ass de Béier | Christine (09H08) |
| Donneschteg | 25 | Am Dronk sinn d'Leit geckeg | Jacques |
| Freideg | 26 | ANNENDAG Se gëtt géint Donnerwieder a Blëtz ugeruff | Anne: prot. contre les orages |
| Samschdeg | 27 | Annendag zeidegt de Weess esou huurteg an der Nuecht wéi am Do | Nathalie |
| **SONNDEG** | **28** | D'Fruucht steet, d'kéint eng Kaz driwwer goen | Samson |
| Méindeg | 29 | Fra a Mann ass ee Gespann | Marthe |
| Daaschteg | 30 | D'Fraen hunn hir Stauten, an d'Männer och! | Juliette |
| Mëttwoch | 31 | Fra a frou hänken zesummen | Ignace de Loyola |



MAARTEL: En Trapp Kéi vun Eilerhaff
MARTELANGE: Troupeau de la Ferme d'Oeil

ARELER 2002 LAND A SPROOCH

**WIEDERREGELEN:**

- Wat den August nët kacht, muss den September broden.
- Fléien d'Schmuelwe niddereg, gëtt Reen, fléie se héich, gëtt gutt Wieder. De Kueb réift no Reen
- Sëtzen d'Dauwen uewen um Dach gëtt et gutt, sëtze se ënnen, gëtt Reen.
- S. Lorenz (10.Aug.) mécht en Saang (Hëtzt) oder eng Strenz (Reen)
- Kréit den Hunn viru 4 Auer (16 Auer), ännert d'Wieder.

**EPHEMERIDEN:**

Himmelsverwëllef (voûte céleste):
Eis Planéit : d'Äerd, eise nootste Stär: d'Sonn, eisen Satellit : de Mound
Kometen kommen heiansdo
Stäreschnuppen falen ëm de 15. August.

# AUGUST - HUEWERMOUNT - AOUT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschteg | 1 | SCHWÄIZER NATIONALFEST - FÊTE NATIONALE SUISSE | Fons (10H23) |
| Freideg | 2 | E räiche Mann lieft séims no, en aarme wéi e kann | Eusèbe |
| Samschdeg | 3 | Eiser Herrgott ass all Meedchen e Mann schëlleg | Lydie |
| **SONNDEG** | **4** | E Mann, e Wuert! | Jean-Marie Vianney |
| Méindeg | 5 | Kee Mann am Haus, keng Hëllef; keng Fra, keen Trouscht | Abel |
| Daaschteg | 6 | CHRISTIVERKLÄRUNG - | TRANSFIGURATION DU SEIGNEUR |
| Mëttwoch | 7 | Et kann d'Stäre vum Himmel erofléien! | Gaëtan |
| Donneschteg | 8 | De Stär (d'Sonn) stécht (dréckt) haut ellen! | Dommenek (19H16) |
| Freideg | 9 | E méich et a wann all Stäre vum Himmel trillen | Julien |
| Samschdeg | 10 | Den Himmel ass voller Stären an d'Welt voller Efalten | Lorenz |
| **SONNDEG** | **11** | Wann d'Stäreschnuppe fallen soll een e Vaterunser bieden | Klara |
| Méindeg | 12 | ... well et fiert eng Séil an den Himmel an d'Gebiet ass fir déi aner | Clarisse |
| Daaschteg | 13 | Wann e Stär rennt soll een e Wonsch maachen | Jean Berchman |
| Mëttwoch | 14 | Wann e Steen vum Himmel fällt, da fällt en op eng al Fra | Maximilien Kolbe |
| Donneschteg | 15 | MARIAHIMMELFAART | ASSOMPTION (10H13) |
| Freideg | 16 | Si kommen do wéi an enger laanger Prëssioun | Roch |
| Samschdeg | 17 | Wat vum Himmel fällt, duerfir kann ech nët! | Hyacinthe |
| **SONNDEG** | **18** | Hätte mir souvill Plaz am Himmel! | Hélène |
| Méindeg | 19 | Ongléck am Spill, Gléck an der Léift | Bernard |
| Daaschteg | 20 | Schlo der d'Welt ëm d'Oueren a looss d'Loft ëm d'Nues blosen | Jean Eudes |
| Mëttwoch | 21 | Am Ongléck erkennt ee séng Frënd | Christophe |
| Donneschteg | 22 | Et muss een esou gutt mat Ongléck ziele wéi mat Gléck | Marie-Reine (22H30) |
| Freideg | 23 | Dat do ass wéi Nuecht an Dag | Rose |
| Samschdeg | 24 | Wann d'Nuetsklack laut mussen d'Kanner vun der Gaass | Barthélemy |
| **SONNDEG** | **25** | ... soss hëllt de Nuetsvull se mat. | Louis |
| Méindeg | 26 | Wann d'Nues dech bäisst, da kriss d'an 3 Deeg e Bréif | Zéphirin |
| Daaschteg | 27 | Hänk nët jidderengem alles op d'Nues | Monique |
| Mëttwoch | 28 | Räiss déng Nueslächer op wanns de nët gutt gesäiss | Augustin |
| Donneschteg | 29 | E sëtzt an der Schold bis iwwer d'Oueren | Sabine |
| Freideg | 30 | FIACRE Patréiner vun de Gäärdner | Fiacre, patron des jardiniers |
| Samschdeg | 31 | Dat ass esou een Gaardentréppeler (Muertentréppeler) | Paulin (02H32) |





PASS: D'Gemenge Schoul an de Bur (gest. 1912)
POST: Ecole communale et abreuvoir (oblitéré en 1912)

**WIEDERREGELEN:**
- Wann d'Henger sech pleécken, dann gëtt Reen.
- Dréchen Hëtzt am Hierscht ass dem Bauer säi Verdross an dem Miseler séng Freed.
- Si Schéwercher am Himmel gëtt an 3 Deeg Reen.
- Blären d'Schof da kéint Stuurm.

**EPHEMERIDEN:**
Konstellatiounen - constellations:
(der fannt se mat liichter Méi)
- De Grousse Bier an de Klenge Bier mam Polarstär. (Ourse)
  (= de Grousse Won an de Klenge Won)
- Déi Dräi Kinneken am Orion.
- D'Kluck mat de Schippercher (Hénkelen) = d'Pléjaden (Pléiades)

# SEPTEMBER - HIERSCHTMOUNT
# SEPTEMBRE

| | | | |
|---|---|---|---|
| **SONNDEG** | **1** | Hues de dräi Nëss an der Täsch, werf der zwou ewech an d'Waasser an iéss eng | Jhill |
| Méindeg | 2 | Äpel a Bire gi gepléckt a giess, Drauwe gi gelies | Ingrid |
| Daaschteg | 3 | Gudde Botter muss no Nosskär schmaachen | Grégoire |
| Mëttwoch | 4 | E Knuet wéi eng Noss, kee Stach emsoss! | Rousel |
| Donneschteg | 5 | Vill Bromä gët vill Äppel | Räissa |
| Freideg | 6 | Den Apel rullt nët wäit vum Bam | Ewa |
| Samschdeg | 7 | Wann den Apel zeideg ass da fällt e vum Bam | Régina (03H11) |
| **SONNDEG** | **8** | MARIA-GEBUERT d'Äppel op d'Huert an zéien d'Schmuelwe fuert (fort) | Nativité de la Vierge |
| Méindeg | 9 | Elo ass den Apel ugebass elo heescht et en z'iessen | Omer |
| Daaschteg | 10 | E verfollten Apel stécht déi aner un | Aubert |
| Mëttwoch | 11 | Bäi batzegen Äppel ass wéineg Wiel | Vinciane |
| Donneschteg | 12 | E gesäit u senge Bire wann deen anere Leit hir zeideg sinn | Emilien |
| Freideg | 13 | Wou et Bire gëtt, do gëtt och Knëppelen | Aimé (18H09) |
| Samschdeg | 14 | HELLEGT KRÄIZ. Neen! gebake Biren och! A Quetschen och! | Croix Glorieuse |
| **SONNDEG** | **15** | SCHMÄERTZHAFTE MUTTER | Notre-Dame des Sept Douleurs |
| Méindeg | 16 | E Fudder Grumm ass esouvill wäerd wéi zwee Fudder Hee | Edith |
| Daaschteg | 17 | Bei dene wiist de Grumm an d'Hee! | Hildegarde |
| Mëttwoch | 18 | Deen ass nëmmen Donnëschtes Nomëttes an d'Schoul gaang! | Ariane |
| Donneschteg | 19 | En huet Fangere wéi e Schoulmeeschter | Emilie |
| Freideg | 20 | Wat fir ee Schouschter huet der d'Hor geschnidden? | André Kim |
| Samschdeg | 21 | Hatt war dätsch wéi eng Quetsch | Matthieu (14H00) |
| **SONNDEG** | **22** | Hie war blo wéi eng Quetsch! | Moriz |
| Méindeg | 23 | HIERSCHT Hierschtsonn ass Gewonn! (AUTOMNE - 06 Auer 55) | Constant |
| Daaschteg | 24 | KANNERREIM: Lirum, larum, Läffelstill, Quetsche si keng Praumen, | Gérard |
| Mëttwoch | 25 | Deen am haarde Karstréi läit, läit nët an de Plaumen! | Firmin |
| Donneschteg | 26 | De Méchelssummer dauert 3 Wochen | Damien |
| Freideg | 27 | Kiirmes an der Kiirch, Kiirmes am Duerf | Vincent de Paul |
| Samschdeg | 28 | De Grumm an d'Huewer déi de Méchel nach um Feld fënt, gesäit de Luks och | Wenceslas |
| **SONNDEG** | **29** | MECHELSDAG De Bann geet op! (Vir d'Véi) | Michel (17H04) |
| Méindeg | 30 | SEIER SOEN: Möller Méchel, muel mir mäi Miel, mar muss méng Mamm mir Möllechmëtsche man. | Jérôme |




EIBENG : Bäckerei a Wiirtshaus Plom-Müller op der Grenz (gest. 1918)
AUBANGE : frontière, boulangerie et café Plom-Müller (obl. en 1918)

AREELER 2002 LAND A SPROOCH

**WIEDERREGELEN:**

- Vill Niwwel am Hierscht, vill Schnéi am Wanter.
- Luksmass, Wanter gewass!
- De Lukssummer huet déi selwecht Kraaft wéi eng al Giédel.

**EPHEMERIDEN:**

5 kleng Simmer (5 petits étés) kommen nom grousse Summer:
De Méchelssummer - ale Frae Summer (29 September), dauert 3 Wochen.
De Lukssummer (18. Oktober), dauert 1 Woch.
Den Allerhellegesummer (1. November), dauert 3 Deeg.
De Mäertessummer (11. November); dauert 1 Dag.
De Krëschtsummer (25. Dézember); dauert 1 bis 3 Stonnen.

# OKTOBER - WÄIMOUNT - REISMOUNT GROMPEREMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | THERESE, Patréinesch vun de Missiounen ... | Thérèse (de l'Enfant Jésus) patr. des Missions |
| Mëttwoch | 2 | SCHUTZENGELFEST. D'Engele baken (Owesrout, Muergesdout !) .... | Saints Anges Gardiens |
| Donneschteg | 3 | Do hat e gudde Schutzengel fir dech gebiet | Gérard |
| Freideg | 4 | JOURNEE DE BONTE ENVERS LES ANIMAUX | François d'Assise |
| Samschdeg | 5 | Gutt Leit si nët mat Geld ze bezuelen | Placide |
| **SONNDEG** | **6** | Gutt ass gutt mä zevill gutt ass domm | Bruno (11H19) |
| Méindeg | 7 | ROUSEKRANZFEST 't huet Bake wéi eng Rous! | Notre-Dame du Rosaire |
| Daaschteg | 8 | Se sinn nët all fromm déi e Rousekranz droen | Pélagie |
| Mëttwoch | 9 | En ass esou moër et kënnt een de Rousekranz op séngem Réck bieden | Denis |
| Donneschteg | 10 | Déi zwee hunn de Rousekranz och net gebiet! | Gédéon |
| Freideg | 11 | Et muss een eiser Herrgott och fir déi kleng Gromperen danken | Alexandre |
| Samschdeg | 12 | Vun de Grompere kritt een de Réck wéi | Wilfrid |
| **SONNDEG** | **13** | Wann d'Gromperen erausgeholl ginn, da ginn och déi meescht giess | Géraud (05H34) |
| Méindeg | 14 | A schlechte Wäijore muss ee sech de Wainzant ausrappen | Calliste |
| Daaschteg | 15 | Wéi de Wäin gëtt, ka kee soen bis d'Pond zougeschloen | Thérèse d'Avila |
| Mëttwoch | 16 | Haut gëtt d'Woch gedeelt (=Mëttwoch) | Hedwige |
| Donneschteg | 17 | Am Wäin erdréinken der méi wéi am Waasser | Baudouin |
| Freideg | 18 | LUKSDAG De Lukssummer dauert 1 Woch | Luc |
| Samschdeg | 19 | Samschdes laut d'Péis fir de Wochemännchen | René |
| **SONNDEG** | **20** | Kucks du an déi aner Woch? | Irène |
| Méindeg | 21 | Wann d'Meedchen emol bis dausend Wochen al ass | Céline (07H21) |
| Daaschteg | 22 | .... da seet et der och net méi alles | Elodie |
| Mëttwoch | 23 | Et huet e Gesiicht wéi siwwen Deeg Reen | Arnould |
| Donneschteg | 24 | KANNERREIM : Anemargréitchen, wéi steet et mäi Léifchen? | Florentin |
| Freideg | 25 | Ech drénken esou gär gezéckerte Wäin: | Crépin |
| Samschdeg | 26 | ...e Pond Bëtterchen, zwee Pond Zéckerchen, dräi moosse Wäin: dat ass fäin! ......... | Dimitri |
| **SONNDEG** | **27** | 't ass keen Hellechen esou kleng, en hätt gär séng Kapell | Didier |
| Méindeg | 28 | En huet all Hellecher vum Himmel ugeruff | Simon |
| Daaschteg | 29 | Wéini ass déi hellegst Zäit am Jor? | Narcisse (05H29) |
| Mëttwoch | 30 | ... An der Kischtenzäit, da schäissen d'Kanner Rousekränz | Alphonse |
| Donneschteg | 31 | Den Allerhellegesummer dauert 3 Deeg | Quentin |



MIEZEG: D'Musek "Royale Concordia" virum Château "Les Clématites"
MESSANCY: La "Royale Concordia" devant le Château des Clématites (concours de 1947)
(Photo Rodesch)

ARELER 2002 LAND A SPROOCH

**WIEDERREGELEN:**


- Wann d'Inte Mäertesdag um Äis stinn, da musse se ëm Krëschtdag am Dreck stoen.
- Zéien d'Vulle nët fort fir Mäertesdag da kënnt fir Krëschtdag kee Wanter.

**EPHEMERIDEN:**

- Himmel - ciel :
den Himmel ass zou = le ciel est couvert
de bloen Himmel = le ciel bleu
Den Himmel ass voller Wollécken = ciel nuageux
Schiewercher am Himmel = ciel moutonné (cirrus)
Gestäerten Himmel = ciel étoilé
- Den 20. November: hallefdäischter Moundfinsternis (ze gesinn) um 01H47 (27 Taureau 33)

# NOVEMBER - NIWWELMOUNT NOVEMBRE

| | | |
|---|---|---|
| Freideg | 1 | ALLERHELLEGENDAG D'Griewer gi geseent. D'Verstuerwen ginn ausgeruff ......... Toussaint |
| Samschdeg | 2 | ALLERSEILENDAG - Allerhellegesummer = 1 Dag ............................ Jour des Trépassés |
| **SONNDEG** | **3** | HUBERTUSDAG, Patréiner vun de Jeer ..............................Hubert : patron des chasseurs |
| Méindeg | 4 | 't ass eng Juegd mat dene Kanner am Haus ............................ Charles Boromée (20H36) |
| Daaschteg | 5 | Bleif mer vu menger Juegd! ........................................................ Zacharie et Elisabeth |
| Mëttwoch | 6 | E stong do ewéi e Juegdhond ........................................................................ Léonard |
| Donneschteg | 7 | E mécht sech onschëlleg wéi e Bock ëm Mäertesdag ..................................... Willibrord |
| Freideg | 8 | Honn an Hären maache keng Dir hanneru sech zou ......................................... Geoffroy |
| Samschdeg | 9 | 't ass e Wieder, 't géif ee keen Hond ausjoen ................................................. Théodore |
| **SONNDEG** | **10** | De Méchel an de Mäerten dinn d'Bauere fäerten! .................................................. Léon |
| Méindeg | 11 | MÄERTESDAG Patr. vu Päerd a Schneider - Martin, patr. éleveurs de chevaux et des tailleurs ...................................................................................... Armistice 1918 - (20H53) |
| Daaschteg | 12 | Mäertesdag ass de leschten Dag wou de Puecht muss bezuelt ginn ..................... Christian |
| Mëttwoch | 13 | Op Mäertesdag gëtt den Haffmeeschter Gänsebrot zum Beschten ....................... Stanislas |
| Donneschteg | 14 | Mäi Gaart ass mäi Kinnekräich ........................................................................ Sidoine |
| Freideg | 15 | KINNEKSDAG (S. Albert & Léopold) .......................... Fête du Roi et de la dynastie belge |
| Samschdeg | 16 | MARGREITENDAG Hatt ass gekleed wéi eng Prënzessin ............................. Marguerite |
| **SONNDEG** | **17** | Hien ass de Kinnek vun den Ieselen ............................................ Elisabeth de Hongrie |
| Méindeg | 18 | Schach dem Kinnek! .............................................................................................. Aude |
| Daaschteg | 19 | Hie schafft fir dem Keser säi Brot ..................................................................... Tanguy |
| Mëttwoch | 20 | Näischt gläicht méi engem Mensch ewéi e Kinnek .............................. Edmond (01H35) |
| Donneschteg | 21 | D'VIRSTELLE VU MARIA - Stéi mer bäi! .......................... Présentation de la Vierge Marie |
| Freideg | 22 | ZËSSILIENDAG, Patréinesch vun de Musécker ................. Cécile, patronne des musiciens |
| Samschdeg | 23 | Näischt iwwer d'Musék, sot de Bauer, du huet de Mëtteg gelaut ........................... Clément |
| **SONNDEG** | **24** | Vun deer Musek kritt ee Kréienaen an d'Oueren ........................................... Christ-Roi |
| Méindeg | 25 | KATRINNENDAG, Patréinesch vun den ale Meedercher ...... Catherine, patr. des vieilles filles |
| Daaschteg | 26 | Mat 25 Jor nach nët bestued sinn ......................................................................... Conrad |
| Mëttwoch | 27 | Wuer ech mäin Hutt hänken, do sinn ech doheem ....................................... Astrid (15H47) |
| Donneschteg | 28 | Et ass besser den Hutt verluer wéi de Kapp ....................................................... Berthuin |
| Freideg | 29 | N.D VU BEAURAING "Reine de la Paix" .............................................. N.D. de Beauraing |
| Samschdeg | 30 | Wat mécht ee nët fir de Fridden am Haus? ................................................................ André |




GÄISCHEL : Landschaft an Hôtel (gest. an 1906)
GAICHEL: Hôtel et forêt (oblitéré en 1906)

AREL LER 2002 LAND A SPROOCH

**WIEDERREGELEN:**

- Wann d'Gäns kann ëm Krëschtdag iwwer d'Äis goen, da gëtt et en haarde Wanter.
- Wann et nët wantert kann et och nët summeren.
- Aacht Méint Wanter a véier Méint Keelt, dann ass d'Joër so lues erëm!
- Krëschtdag am Schnéi, Ouschterdag am Kléi.

**EPHEMERIDEN:**

D'Stären (étoiles) fénkelen.

- E Stär geet op = une étoile apparaît
- E Stär geet ënner = une étoile s'éteint.
- Den Owesstär = l'étoile du berger.
- De Mueresstär = l'étoile du matin.

# DÉZEMBER - KRESCHTMOUNT - DÉCEMBRE

| | | |
|---|---|---|
| **SONNDEG** | **1** | **1. Adventssonndeg** - ELIGIUSDAG - Patréiner vun de Schmidd ... Eloi, patron des forgerons |
| Méindeg | 2 | Duurch vill Schmidde gëtt ee Schmadd ........ Pauline |
| Daaschteg | 3 | Wann d'Feier am Stréi ass, dann ass kee Läsches méi ........ François-Xavier |
| Mëttwoch | 4 | BAARBELENDAG - Patréinesch vun de Kanonéier an de Feierwierksleit ........ Barbe, patronne des artilleurs et des artificiers (07H35) |
| Donneschteg | 5 | Hie gleeft un den (Ne)kleeschen! ........ Gérald |
| Freideg | 6 | NEKLOSDAG - Patr. vun de Resender, Schoulkanner a Stodenten ........ **Néklosmaart zu Arel**, Nicolas, patron des voyageurs, écoliers et étudiants |
| Samschdeg | 7 | AMBROSIUSDAG - Patréiner vun de Wiewer ........ Ambroise, patron des tisserands |
| **SONNDEG** | **8** | **2. Adventssonndeg** ........ ONBEFLECKT EMFÄNGNIS (Immaculée Conception) |
| Méindeg | 9 | D'Léift keemol schléift! ........ Pierre Fourrier |
| Daaschteg | 10 | D'Léift mécht e Maansmënsch domm an e Framënsch geckeg ........ Romaric |
| Mëttwoch | 11 | Un der Léift an um Wand huet nach kee sech sat giess! ........ Daniel (15H50) |
| Donneschteg | 12 | D'Léift geet duurch d'Kachdëppen ........ Corentin |
| Freideg | 13 | LAZEIENDAG = LAZEIËMAART Kee Liichter a kee Brennes ! ........ Lucie |
| Samschdeg | 14 | Aus den Aen, aus dem Senn ........ Odile |
| **SONNDEG** | **15** | **3. Adventssonndeg** 't huet eng Käerz fir méch gebrannt ! ........ Ninon |
| Méindeg | 16 | De Soff an d'Léift féieren zu Scholdbréif ........ Adélaïde |
| Daaschteg | 17 | D'Léift ass eppes wéi e Stréifeier, an dat ass geschwënn ausgebrannt ........ Wivine |
| Mëttwoch | 18 | Kal Hänn, warem Léift ........ Galien |
| Donneschteg | 19 | D'Léift ass grouss: si fällt esou gutt op e Kéidreck wéi op eng Rous ........ Urbain (19H11) |
| Freideg | 20 | D'Iesse ass versalzt, d'Kächen ass verléift ........ Abraham |
| Samschdeg | 21 | Hie gleeft nëmmen dat wat hie gesäit ........ Thomas |
| **SONNDEG** | **22** | **4. Adventssonndeg** WANTER - Véier Käerz brennen um Altor (HIVER 02 Auer 14) ... Françoise |
| Méindeg | 23 | Si liéwen vun der Léift an der gudder Loft ........ Victoire |
| Daaschteg | 24 | KRËSCHTOWEND (réveillon de Noël) Grénge Krëschtdag, wäissen Ouschterdag ...... Adèle |
| Mëttwoch | 25 | KRËSCHTDAG - Christigebuurtsdag de Krëschtsummer dauert 1 Stonn ........ Noël |
| Donneschteg | 26 | STIEFESDAG - **Stiewesmaart och genannt Kënnerchersmaart** ........ Etienne |
| Freideg | 27 | Stiefesdag, iess déch sat, maach däi Pak, gehei déch fort. ........ Jean-Evangéliste (00H32) |
| Samschdeg | 28 | HELLEG ONSCHËLLEGKANNER d'Kanner gi geseent bäi der Krëpp ......... Saints-Innocents |
| **SONNDEG** | **29** | Onschëlleg wéi e fresch gebuerent Kand! ........ David |
| Méindeg | 30 | No all Vakanz kéint e Feier ........ Roger |
| Daaschteg | 31 | ZILVESTEROWEND. Patréiner vun de Mëller ........ Sylvestre, patron des meuniers |

# *UN DER ATERT*

Vollekslidd vum Aterter Daul
bekannt Weis : "O my darling Clementine"

*Un der Atert, no beim Waasser,*
*Wou déi grousseg Pëpple stinn,*
*Wunnt de Bauer, Péitche Lauer*
*A säi Meedchen d'Josefin.*

*O meng Modi, wat e Stodi,*
*Voller Zodi, Josefin,*
*Ech gesinn dech nach e wéineg*
*An da ginn ech, Josefin.*

*Hie war ëmpeg, hat war dëmpeg,*
*Sou eng Nuddeldampmaschin.*
*Hien hat néng a sengen Händschen,*
*Duerfir zéng hat d'Josefin.*

*O meng Modi, wat e Stodi,*
*Voller Zodi, Josefin,*
*Ech gesinn dech nach e wéineg*
*An da ginn ech, Josefin.*

*Eemol gong et, eemol stong et,*
*Bei der Baach eist Josefin.*
*An du rëtscht et, an du glëtscht et,*
*Flupp an d'Baach eist Josefin.*

*O meng Modi, wat e Stodi,*
*Voller Zodi, Josefin,*
*Ech gesinn dech nach e wéineg*
*An da ginn ech, Josefin.*

*'t huet getuddelt, 't huet gespruddelt,*
*An der Baach, eist Josefin.*
*Wëll ech awer d'Waasser scheien,*
*Loossen ech leien, d'Josefin.*

*O meng Modi, wat e Stodi,*
*Voller Zodi, Josefin,*
*Ech gesinn dech nach e wéineg*
*An da ginn ech, Josefin.*



**Pot à oille en terre de Pipe**
**de la Faïencerie Poncelet d'Attert (1781-1809).**
Collection privée.
Soupière d'apparat à trois pieds.
Décoré, ici de façon originale, au corps et au couvercle, d'une guirlande de feuilles de lauriers qui ondule horizontalement en coupant un cordon continu de brindilles, qui se dédouble par endroits pour recevoir des fleurs de myosotis. Au bord du couvercle court un filet qui ondule entre les rosettes et les oves.

Document n° 82, extrait du livre :
*RESSEMBLANCES & DIFFÉRENCES*
*ATTERT & ARLON*
*FAÏENCES FINES LUXEMBOURGEOISES*
dites Terres de Pipe
de Guy GENARD & Pierre GEUBEL
(140 pages - une centaine de photos - édité en 2001)
Renseignements : P. Geubel : 063-22 47 20

*Gesong vum SETZBAACHERKOUER, an der Kassett "OHO" (mat 20 aner areler Vollekslidder)*
*Erausgi vun Arelerland A Sprooch, 2002*
*69 rue du Goldberg, B-6700 Sues - Sampont (Arlon) - tél 063 23 71 94*